

- **Steierlech Entlaaschtunge** fir déi **breet Mëttelschicht**.
- **Eropsetze vum Steierfräibetrag** an der Steiertabell.
- Eventuell **Bäisetze vum enger Steiertranche** fir Spëtzeverdingen.
- Direkt **Steierentlaaschtung fir Allengerzéier** an der Steierklass 1A.
- **Verlängerung vum der Iwwergangszäit** vun der Steierklass 2 op 1A vun 3 op 5 Joer.
- **Besseren Equiliber** tëschent Besteuerung vu Kapital (Plus-value) an Aarbecht.
- **Keng Erhéijung vum der CO<sub>2</sub>-Steier** ouni sozialen Ausgläich.
- **CO<sub>2</sub>-Steier an den Indexkuerf**.
- **Erhale vum Bankgeheimnis** fir Leit zu Lëtzebuerg: kee gliesene Bierger.
- **Gemengen net eleng loosse** beim Finanzement vu Gratis-Mesuren.

**STEIERN**  
LOFT FIR ZE OTMEN

- Besser medezinesch Couverture mat **Gemeinschaftspraxen** **queesch duerch d'Land**.
- **Séieren an automatiséierte Remboursement vum Dokteschrechnungen** oder Direkt-Bezielung iwwer d'Gesondheetskeess.
- Méi Präventioun fir jiddereen erméiglechen an transparent informéieren duerch **Guichet unique, Referenzdokter a Patienten-Hotline**.
- **Koherent Governance** an Ofstëmmung vun de Spideeler a **méi Gemeinschaftspraxen** fir eng séier a gutt medezinesch Versuergung am ganze Land.
- Eng **Reform aus engem Goss vun der Ausbildung am Fleege- a Gesondheetsberäich** a mat de Leit zesummen.
- Nei Nomenklatur mat méi **Remboursement fir Brëller an Zännbehandlungen**.
- **Déi mental Gesondheet esecht huelen**: endlech eng **Prise en charge** vun der Psychotherapie.
- Verstärkt Notzung vun der **Digitaliséierung**.
- **Reduktioun vum administrativen Opwand fir d'Gesondheetspersonal** a Konzentratioun op déi medezinesch Aarbecht.

**GESONDHEET**  
MÉI PATIENT A MANNER  
BÜROKRATIE

- Méi bauen, duerch:**
- **Méi abordable Wunnraum**: 30 Prozent vun neier Baufläch müssen duerfir genotzt ginn.
  - **Méi héich a méi dicht bauen** op definéierte Plazen.
  - **Privatinvestisseure** bei soziale Wunnenge mat an d'Boot huelen.
  - **WGen** an och aner Wunnformen **erméiglechen** (tiny houses).
  - **Opmaache vum Perimeter** a Schléisse vu Baulücken.
- Méi bëlleg baue fir d'Leit, duerch:**
- **Subventionéiert Wunnenge** séier op d'Mëttelschicht **auswäiten**.
  - **Fräibetrag** fir niddregen TVA-Saz vun 3 Prozent **eropenetzen** op 100.000 Euro.
  - **Bällegen Akt auswäite** vun 20.000 op mindestens 50.000 Euro.
  - **Spekulatioune verhënnern**:
    - **Spekulatiounssteier** op eidel stoende Wunnengen an op fräien Terrainen.
    - „**Lex Koller**“ géint de Kaf vu Wunnenge fir Spekulation duerch auslännesch Investisseuren.

**WUNNEN**  
MÉI, MÉI SEIER  
A MÉI BÉLLEG

- Méi séier bauen, duerch:**
- **Prozeduren entschlaken**: **Besser Koordinatioun vun de Ministären a Verwaltung** fir méi kuerz Bauzäiten.
  - **Neien Art. 17 Naturschutzgesetz**: keng Kompensatiounsnoutwendegkeet am Bauperimeter.
  - Méi Handwierker um Bau duerch **zousätzlech Ausbildungsméiglechkeeten am Land**.

**ÄR 21 CSV-DEPUTÉIERT**



- **Méi Polizisten** um Terrain mat Neiastellungen och vun Zivilisten.
- **Reorganisatioun an Entlaaschtung** beim Gefaangenentransport.
- **Stellung vun engem Affekot** fir Poliziste bei Virfäll am Déngscht mat Upassung vum Statut.
- **Kierperkameraen** (Bodycams) als Schutz fir Polizisten.

**SÉCHERHEET**  
MÉI POLIZISTEN,  
MÉI ËNNERSTËTZUNG,  
MÉI MOYENEN

- **Retroaktiv Indexéierung vum Kannergeld** iwwer déi ganz Legislaturperiod.
- **Besser Work-Life-Balance** mat enger personaliséierter Kombinatioun vun **Deel- a Vollzäit** (Aarbechtzäitorganisatioun).
- **Télétravail-Modell** an der Fonctioun publique an am Privatsecteur mat de Verbänn zesummen **ausschaffen**.

**SOZIAL  
GERECHTEGKEET  
A FAMILL**  
E FAIRE KADER  
FIR JIDDEREEN

**Lag vun der Natioun : Eis 80 Alternativen fir Land a Leit  
ENG NEI POLITIK MAT A FIR D'LEIT**

D'CSV steet fir eng nei Politik mat a fir d'Leit. Mir proposéieren lech hei 80 konkret CSV-Virschléi aus der Debat iwwert d'Lag vun der Natioun fir mateneen nei Weeër als Land ze goen. Konkret Virschléi, déi d'Alltagswelt verbesseren a vereinfachen. Konkret Virschléi fir eng dynamesch Wunnengspolitik mat mander Bürokratie. Konkret Virschléi fir eng spierbar Entlaaschtung vun der breeder Mëttelschicht. Konkret Virschléi fir eng pragmatisch Klimapolitik ouni Ideologie. Konkret Virschléi fir méi sozial Gerechtegkeet a mander Aarmutt. Konkret Virschléi fir e Gesondheetssystem mam Patient am Mëttelpunkt. Konkret Virschléi fir eng Schoul, déi jonk Leit mat Kompetenze staark fir muer mécht.



„Eise Wee. Eist Zil.“ Sou war d'Erklärung zur Lag vun der Natioun vum Staatsminister iwwerschrivven. Et ass eng Lag an eng Halbzeitbilanz vum Stëllstand. Eng Lag, déi fir keng vun de grouse Suerge vun de Leit Léisunge bréngt. Net fir d'Wunnen. Net fir déi sozial Ongläichheeten. Net fir de Klima.

Elo ass Zäit fir konkret Léisungen. Elo ass net d'Zäit fir grouss Annoncen. Elo ass Zäit fir gangbar Weeër, fir d'Ziler vun de Leit ze errechen. Wëll d'Suerge vun de Leit sinn eisen Optrag.

**MARTINE HANSEN A GILLES ROTH**  
Co-Présidente vun der CSV-Fraktioun



**GEMENGEN A  
LÄNDLECHE RAUM**  
GLÄICHWÄERTEG  
LIEWENSQUALITÉT  
IWWERALL

- Upassung vun der Gemeengefinanzreform am Sënn vu **méi Ënnerstëtzung fir Gemengen am ländleche Raum**.
- **Anhale vun der 50/50-Finanzéierung** vum CGDIS duerch Staat a Gemengen.
- **Léisunge** fir Servicer, déi vum CGDIS net méi assuréiert ginn.
- **Sécherung** vun der Waasserqualitét duerch Subventionéierung vun de reelle **Waasserkäschten** duerch de Staat mat 65 Prozent.
- Aféierung vun engem **landeswäit eenheetlechen Dréink- an Ofwaasserpräis**.

**DIGITALISÉIERUNG**  
MÉI AKTIOUN,  
MANNER ANNONCEN



- **U Schloss u séieren Internet fir jiddereen** iwwerall am Land zu engem abordable Präis.
- **5G-Strategie** mat Pilotprojeten an d'Realitéit **emsetzen** (Landwirtschaft, Verkéiers-Management, Transport).
- **Wëssenschaftlech Recherche op 6G fokusséieren** a Gesondheetsaspekter mat berécksichtegen.
- Schafung vun engem dynameschen Ekosystem **fir Start-ups an Ureizer fir Talent op Lëtzebuerg ze bréngen**.
- Schafung vun engem **attraktive steierleche Kader** fir d'Investissementer an déi industriell an technologesch Zukunft.

**WIRTSCHAFT AN  
AARBECHTSWELT**  
MÉI INNOVATIV,  
MÉI NOHALTEG,  
MÉI KOMPETITIV

- **Bäihëlfelefen a Steiervirdeeler** bei Investitiounen am Klimaschutz.
- **Nohaltegkeets-Check** als Decisiounsinstrument bei der Usiddlung vun neie Betriber.
- **Méi dezentraliséiert Bauschutttippen** amplaz Camions-Schlaangen um Rouscht.
- Lëtzebuerg als „**gréngen**“ **Industrie-Standuert** promovéieren z.B. mat Recycling-Betriber.
- **Ënnerstëtzung vun Indépendante** bei der Sécurité sociale a bei de Fréipensiounen : géint Ongerechtegkeeten am Aarbechtsrecht.

**SCHOUL**  
MÉI CHANCEGLÄICHHEET  
MAT ENGER MÉI STAARKER  
EFFENTLECHER SCHOUL

- Bildungsschëier méi kleng maache via **gratis Hausaufgabenhëllef**, an direkt e Mesurekatalog mat der Wëssenschaft opstellen.
- **Chancégläichheet** mat dem **selwechten informatesche Material** an all Schoul am Land duerch **staatlech Finanzéierung**.
- **Zukunftskompetenzen an de Mëttelpunkt** vun der Schoul stellen.
- **Profil vum Enseignant** u Realitéit upassen.
- **Beruff méi attraktiv maachen**.
- **Stärkung a Reform** vun de **klasseschen öffentleche Schoulen** am Dialog.
- **Keng parallel Schoulwelt** duerch massivt Aféiere vun Europaschoulen.
- **Re-Evaluéierung vum Promotiouns-System** am Cycle inférieure vum Secondaire général.
- **Kee Bradéiere** vum Educateursdiplom.
- **Evaluatioun** vun der **méisproocheger Erzéiung**.
- **Attraktivitéit** vum **Handwierk** erhéijen: **Offensiv an der Berufsausbildung** zesumme mat de Berufschamberen.
- Weider **Investissementer an d>Weiderbildung** fir géint de Chômage virzegoen.
- **Schoulpolitik mat de Leit**: méi Respekt an Dialog vum Minister.

**KLIMASCHUTZ**  
MÉI IWWERZEEGUNG AN  
INCENTIVES MAT MANNER  
VERBUET AN IDEOLOGIE

- **Kloer Roadmap mat Mesuren, Hëlfelefsmoosnamen** a Berodung fir Betriber a Privatleit, fir d'Klimaziler ze errechen.
- **Klimaneutralitéit** fir déi staatlich Verwaltungen: **De Staat muss e Virbild** beim Klimaschutz sinn.
- Planungssécherheet duerch **Transparenz an der CO<sub>2</sub>-Bepreisung** fir Leit a Betriber.
- Konsequente **Ausbau vum Effentlechen Transport** mat mander Bürokratie.
- **Méi Ënnerstëtzung vun der Fuerschung** an de Beräicher Energiespäicherung a Waasserstoffproduktioun.
- **Investitiounen a Fuerschung an Innovatioun** fir déi technesch Méiglechkeeten vun der CO<sub>2</sub>-Bannung ze notzen.
- **Ambitiéis Waasserstoffstrategie a Produktion vu Waasserstoff** an Drëttlänner mat der **Kooperatiounspolitik** kombinéieren.
- Pilotprojet mat **Waasserstoff-Produktioun bei Wandalagen**.
- Besser Infrastrukturen fir **Tankstellennetz fir Waasserstoff an E-Fuel**.
- **Monitoring vu Bauerebetriber** mat gratis Klima- an Nohaltigkeetscheck a Berodung.
- **Agricultural hub** mat Kompetenzzentrum Landwirtschaft.
- **Keng Schähnellegkeet bei den Handelsofkommen**: **héich Standarden als Pflicht** och fir importéiert Produkter.
- **Ënnerstëtzung vun der Digitaliséierung fir méi Effizienz** a Klimaschutz fir Wirtschaft a Landwirtschaft **iwwer Bahihëlfelefen oder steierlich Virdeeler**.
- **Landwirtschaft** gezielt **diversifizéieren** (Naturschutzgesetz, Waasserpräis); **Bioenergie** méi konsequent ënnerstëtzen.